Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 15. Februar 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, wéi vill produzéierend Betriber sech an de Joren 2013 bis 2022 insgesamt zu Lëtzebuerg néiergelooss hunn, aus wéi engem Beräich se stamen, wéi vill Aarbechtsplaze jeeweils entstane sinn an a wéi enge Gemengen se hire Standuert hunn?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Industriebetriber sech an de Joren 2018 bis 2022 opgrond vu Promotiounsreese vun der Regierung zu Lëtzebuerg néiergelooss hunn?
3) Kann den Här Minister seng allgemeng Visioun fir d'Zukunft vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg elaboréieren?
4) Wéi fonctionéiert de "guichet unique" dee soll nei Demande fir Industriebetriber zu Lëtzebuerg ënnersichen? Wéivill Dossiere goufe presentéiert, a wéivill Fäll gouf eng Decisioun geholl? Wéivill Dossiere goufe positiv aviséiert an a wéi engen Delaien? Wéivill goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten